(Interruption)

Voilà. Merci villmools.

Pragmatesch, wéi mir Lëtzebuerger sinn, hu mir schliesslech dann och nach gläich eng Dispositioun aus enger Direktiv agebaut, déi nach guer keng ass. Et handelt sech ëm e Richtlinie-Projet, iwwert deen ee sech am leschten Hierscht zu Bréissel eeneg gouf an dee sech op de Contrôle vun de Joresofschléss an de konsolidéierte Konte bezitt. Dat kléngt scho komplizéiert, mä fir déi, déi et ganz genau wëlle wëssen: Et dréit sech ganz einfach dodrëms, datt d'Honorairë vun de gesetzlech virgeschriwwene Kontrolleren, also de Réviseuren, publizéiert musse ginn.

Wéi dat nun ebe bei Zwillingen ass, gläicht dëse Projet fir d'Assurancen deem fir d'Banke wéi een Ee deem aneren. Allerdéngs gëtt et zwee kleng Ënnerscheeder, déi et verdéngen, kuerz ernimmt ze ginn.

Une voix.- Da si se net eineiig.

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Neen, et gëtt jo och déi zweeeiig, wéi Der wësst.

Wuel léisst och dëst Gesetz deene betraffene Firmen, also den Assurancen, wa se dann net op der Bourse cotéiert sinn, de Choix tëscht den ale Kontasregelen oder den IAS-Regelen oder enger Mëschung aus béidem. Mä am Ënnerscheed zum Gesetz fir d'Banken, dat nëmmen ee Choix zouléisst, an dee Choix gëtt da vun der CSSF ofgeseent, an dobäi bleift et, mussen d'Assurancë weiderhin no deenen ale Regele bilanzéieren, och wa si sech fir d'IAS-Method sollten décidéieren. Begrënnt gëtt déi Zweespuregkeet domat, datt nëmmen esou iwwert d'Zäitachs d'Zuele matenee kënnte verglach ginn.

An da gëtt et nach eng kleng Differenz. Derbannst d'Aféierung vun den IAS-Regele fir de Bankesecteur also e faire Sënn bei eis mécht, well mir dräi Banken hunn, déi d'office op d'IAS-Normen ëmschwenke mussen, well se op der Bourse cotéiert sinn, trëfft dat fir den Assurancësecteur net zou. Mir hunn nämlech bei eis keng Versécherungsgesellschaft, déi ënnert d'IAS-Norme fale géif, well keng vun hinnen op der Bourse ass. Sou gesinn handelt et sech bei deem, wou mer eis elo haut da schwéier d'Käpp zerbriechen, ëm eng Ëmsetzung, déi éischter eng virtuell Operatioun ass. Wat awer net heesche wëllt, datt se net gutt gemaach wär, a sief et nëmme well mir jo ees wéi ees net derlaanscht kommen, d'Direktive vu Bréissel ëmzesetzen.

Ech erlabe mer dofir, Här President, dësem Haus un d'Häerz ze leeën, dësem Projet zouzestëmmen, a meng Fraktioun wäert et op jidde Fall esou maachen. Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le President.- Ech denken, dass déi aner Fraktiounen dem Avis vum Rapporteur och follegen. Deementspriechend komme mer elo zum Vote iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5489 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener (par M. Marc Spautz), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum zweetleschte Projet de loi fir haut, dat ass dat Steierofkommes tëscht Lëtzebuerg an Israel. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorablen Här Haupert.

6. 5497 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'État d'Israël tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 13 décembre 2004

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gradsou wéi den honorabele Kolleeg Lucien Thiel stoung ech och viru véier Wochen hei, fir lech…

(Interruptions)

…iwwert d'Duebelbesteierungsofkommes mat Litauen a Lettland ze schwätzen, an haut soll ech de Rapport maachen iwwert déi Approbatioun vun der Konventioun iwwert d'Duebelbesteierung an iwwert d'Verhënnerung vun der Fraude fiscale tëschent dem État d'Israël a Lëtzebuerg.

Well déi Konventioune sech jo alleguer relativ staark gläichen, kann ech och relativ séier iwwert dëse Rapport goen. Et ass esou, datt déi Duebelbesteierungsofkomme sech ganz staark un eng Konventioun vun der OCDE, eng Convention-type vun der OCDE, ulehnen. Lëtzebuerg suivéiert gréisstendeels déi Convention-type a versicht dann an deene spezifeschen Domäner, déi fir Lëtzebuerg wichteg sinn, oder fir de Partner, deen an dëser Konventioun matspillt, deene spezifesche Situatioune Rechnung ze droen.

Déi spezifesch Situatiounen handele meeschtens iwwert d'Besteierung vun den Dividenden, déi am Land, wou de Bénéficiaire residéiert, besteiert ginn. Déi spezial Konditiounen, déi Lëtzebuerg ëmmer virgesäit, sinn och hei virgesinn; d'selwecht, wat d'Zënsen ubelaangt. Ech mengen, dat Eenzegt, wat een hei ka bemierken, dat ass, datt Lëtzebuerg keng Imposition à la source mécht fir d'Zënsen, déi u Résidentë vun dem israelesche Stat ausbezuelt ginn. D'Impositioun vun de Redevancen: Do ass och eng Imposition à la source virgesinn, wat also vum Modell OCDE ofwäicht.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Dat, wat och nach wichteg ass - dat ass eng Ëmännerung oder eng Ofwäichung par rapport zu deenen anere Konventiounen -, dat ass, datt an dem Transport routier souwéi och an dem Transport par avion an an dem Transport maritime déi Salariéen, déi vun enger Gesellschaft beschäftegt ginn, am Fall vun dem Transport routier an deem Land besteiert ginn, wou déi Gesellschaft hire Siège huet. Ech mengen, dat ass eng Ofwäichung zu den normale Besteierungen: Déi Chauffeure vun den Transporter ginn normalerweis an hirem eegene Land besteiert, well se jo meeschtens, wat Lëtzebuerg ubelaangt, am Ausland schaffen. Dat hei ass also eng Derogatioun zu deenen normalen Dispositiounen.

Ech erwähnen dann och nach déi fir Lëtzebuerg typesch Derogatioun zu der Convention-modèle, also erëm d'Besteierung vun de Pensiounen, déi am Privatsecteur ausbezuelt ginn. Et ass kloer, de Lëtzebuerger Stat dréit en Drëttel zu de Cotisatioune vun de Pensioune bäi, an duerfir behält sech de Lëtzebuerger Stat och ëmmer d'Recht vir, fir déi Pensiounen, déi an d'Ausland verséiert ginn, hei bei eis am Land ze besteieren.

Voilà. Ech mengen, dat waren déi wesentlech Punkten, déi ech zu dëser Konventioun wollt maachen. Ech wollt just zréckbehalen, datt et déi 48. Konventioun ass, déi mer mat anere Staten ofschléissen, an et ass héchstwahrscheinlech den 12. oder 15. Rapport, deen ech iwwer esou eng Konventioun hei virdroen.

D'Kommissioun huet de schréftleche Rapport, esou wéi e virläit, unanime ugeholl, a si schléit och der Chamber vir, fir dee Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit. An ech ginn och domat den Accord vun eiser Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Haupert Merci. Ech mengen, den Här Haupert war esou komplett, datt keng aner Wuertmeldung zu deem Projet méi do wär. Da géif ech d'Wuert dem Här Minister ginn.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Schnellegkeet indiquéiert net d'Wichtegkeet vun de Projeten. A wann d'Chamber et de Mëtteg fäerdeg bruecht huet, a kuerzer Zäit mat grousser Eestëmmegkeet iwwert dräi Projeten ze diskutéieren, da soll dat net ewechhuelen, wéi wichteg dës dräi Projete fir déi international Finanzplaz an deen internationale Wirtschaftsstanduert sinn, dee mer hunn.

Ech mengen, et ass wichteg, datt mer eis an een internationale Rechtskader erabewegen, deen deen ass, deen an deenen Direktiven do steet. Duerfir géing ech och hei wëllen d'Wichtegkeet vun deene Projeten ënnersträichen, a besonnesch och deenen zwee Rapporteuren, dem honorabelen Här Haupert an dem honorabelen Här Thiel, villmools Merci soe fir déi Aarbecht, well et ass net evident, sech an déi do Texter eranzeschaffen.

Déi Direktive si wichteg, an den Här Thiel huet et a senger Interventioun hei gesot: Dat sinn Direktiven, déi mer mussen ëmsetzen. Mir wëlen déi Direktiven do ëmsetzen, well déi Direktiven do hu mer mat ausgeschafft, mat négociéiert, mat ugeholl am europäesche Finanzministerconseil. An ech mengen, et ass wichteg, datt mer, wa mer eng international Plaz sinn a wëlle bleiwen, dann och an deene Gesetzer, déi mer hei stëmmen, eis un deenen internationale Regelen orientéieren. Regelen, déi eis net isoléiere vun deenen anere Länner, Regelen, déi awer ëmmer do, wou d'Direktive Flexibilitéite loossen, déi Flexibilitéit eis och ginn.

Dat hu mer och versicht, an dësen Texter ze maachen. Ech hoffen, datt mer dat och an Zukunft an deenen Texter maachen, déi hei an der Chamber diskutéiert ginn.

Wann d'Chamber an deenen nächste Wochen och nach d'Direktiv iwwer Abus de marché transposéiert, dann hu mer duerch d'Aarbecht vun de Mëtten an där, déi héchstwahrscheinlech - huelen ech un - am Abrëll heibannen debattéiert gëtt, sechs weider Direktiven transposéiert, esou datt mer am Beräich vun de Finanzservicer konform si mat deem, wat eis op europäeschem Plang och am Kalenner virgeschriwwe gëtt. Dofir wollt ech och der Chamber Merci soen.

Ech mengen, nach eng Kéier, dat ass wichteg, datt mer net am Hannertreffen do sinn, wichteg awer och - an ech insistéieren nach eng Kéier drop -, datt mer an den Transpositioune kucken, datt mer eis net isoléiere vun deenen anere Länner, well soss kréie mer keng international Betriber op Lëtzebuerg.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

A wat d'Duebelbesteierungsofkommes schliesslech ubelaangt, esou ass et d'Intentioun vun der Regierung, dat Netz vun den Duebelbesteierungsofkommessen, wat schonn intensiv ass - den honorabelen Här Haupert huet elo grad vun 48 Konventioune geschwat -, weider auszebauen, well et ass eng wichteg Konditioun, fir datt méi Handel tëschent Lëtzebuerg an deene Länner, mat deene mer esou Konventiounen hunn, geschitt, méi Handel, och méi Investitiounen.

Duerfir menge mer, datt dat eng richteg Politik wär, a mir wäerten op deem Wee als Regierung weiderfueren a soe Merci fir déi breet Ënnerstëtzung, déi mer hei an der Chamber kréien. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5497 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Marcel Glesener (par M. Marc Spautz), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass en Ofkommes iwwert d'Duebelbesteierung bei Benefisskorrekturen. Och hei ass de Rapporteur den honorabelen Här Norbert Haupert. Här Haupert, Dir hutt d'Wuert.

7. 5498 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'adhésion de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovénie et de la République Slovaque à la Convention relative à l'élimination des doubles impositions en cas de correction des bénéfices d'entreprises associées et du Procès-verbal de signature y relatif, signés à Bruxelles, le 8 décembre 2004

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, Merci. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet gesäit am Fong geholl soss näischt vir wéi d'Approbatioun vun enger Konventioun tëschent deene 15 alen - wann een esou ka soen - EU-Länner an deenen zéng neien EU-Länner, déi viru bal zwee Joer der EU bäigetruede sinn. Et ass eng Konventioun, déi d'Duebelbesteierung am Fall vun enger Gewënnkorrektioun vun associéierten Entreprisë wëllt évitéieren.

Ech mengen, eng éischt Konventioun war am Juli 1990 tëschent deenen deemolegen zwielef Länner ënnerschriwwe ginn. Lëtzebuerg hat déi duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1994 a seng Législatioun ëmgesat. Duerno si Schweden, Finnland an Éisträich der Unioun bäigetrueden, an et huet missen en Zousaz zu där Konventioun gemaach ginn, déi duerch d'Gesetz vum 3. August 1998 hei an eis Législatioun ëmgesat ginn ass.

Hei ass also déi drëtt Konventioun an deem Sënn, wéi gesot, déi dann tëschent deenen ale 15 Länner an deenen neien zéng Länner gemaach ginn ass. Déi Konventioun ass zu Bréissel ënnerschriwwe ginn, an de Projet gesäit also d'Ëmsetzung oder d'Approbatioun vun dëser Konventioun vir.

De Statsrot huet säin Avis zu dësem Projet ginn. D'Kommissioun huet de Rapport, esou wéi e virläit, ugeholl, a si schléit der Assemblée vir, fir dee Projet esou ze stëmmen,